

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2023

UPDATE ZUM JORESUFANK

De Comité vun der FÉDUSE/ENSEIGNEMENT-CGFP wënscht iech an äre Léifsten alles Guddes fir d'Joer 2023 a virun allem eng gutt Gesondheet !

Iwwert dëse Wee wëlle mir iech iwwert déi aktuellsten Entwécklungen an e puer vun eisen Haapt dossiers um Lafenden halen, an zwar zum Problem « **FoCo/Echelon 14** », zum éiwegen Thema **lwwerstonnen**, zur **Mobilitéit vun den Employéén** an zur ominéiser **Matricule continue**.

- **Léisung vum Problem « FoCo/Echelon 14 »**

An eisem Communiqué vum [5. November 2018](#) hate mir eng éischte Kéier drop opmierksam gemaach, dass eng Partie Enseignantë riskéieren, am Avancement vun hirer Karriär blockéiert ze ginn, obwuel si Joer fir Joer déi laut ACT72 verlaangten Unzuel u FoCo-Stonne gelescht hunn.

Obwuel mir an Entrevuë mat deene Verantwortlechen um MENJE an och an esou munche Communiquéen ([23.1.19](#), [24.3.19](#), [7.7.19](#) a [25.9.19](#)) ëmmer erëm drop higewisen haten, dass dëse Problem weiderhi besteet, hunn de MENJE an d'Fonction publique zougelooss, dass eng Rei Enseignantë säit Oktober 2020 net iwwert den Echelon 13 vun hirem jeeweilege Grad avancéiere gelooss goufen an domat eng Zäit laang an hirer Karriär blockéiert waren, oder esouguer haut nach sinn. Well déi betraffe Kolleeginnen a Kolleegen heiriwwer net offiziell informéiert goufen, ware si sech dacks emol net bewosst, dass hir Karriär agefruer war, oder ëmmer nach ass.

Eréischt nodeems mir am Juli 2022 op enger Entrevue mat deene Verantwortlechen nach eng Kéier ganz energiesch nogehaakt haten, a per Communiqué ([10. Juli 2022](#)) explizitt duergeluecht haten, dass längst **net nëmmen Enseignanten, déi Deelzäit schaffen, an hirer Karriär blockéiert** sinn, kënn et elo endlech zur laang gefuerderter Léisung. Am zwar gouf zrëckbehalen, dass **keen Enseignant, deen déi laut senger Tâche entspreichend Mindestzuel u FoCo-Stonne Joer fir Joer gelescht huet, a senger Karriär blockéiert gëtt !**

Fir déi betroffenen Enseignanten – also déi, déi an hirer Karriär virum Echelon 14 stinn an nach keen Total vun 180 FoCo-Stonne virweise kënnen – bedeit dat konkret, dass dee verantwortleche Service um MENJE iwwerpréift, ob si während de **FoCo-Referenzperiode säit September 2015** ëmmer déi verlaangten Unzuel u Stonne gelescht hunn (déi aktuell lafend Referenzperiod gëtt heibäi net gekuckt). Wann dat de Fall ass, da schwätzt den Educatiounsminister fir si eng **Dispens** aus a si avancéieren iwwer den Echelon 13 eraus, och wa si insgesamt nach keng 180 Stonne FoCo an hirer Karriär gelescht hunn. *Beispill: Enseignanten, déi 50 % schaffen, müssen innerhalb vun all 3-Jores-Referenzperiod mindestens 24 (amplaz 48) Stonne FoCo leeschten, fir normal an hirer Karriär z'avancéieren.*

Déi Enseignanten, déi an de Referenzperioden säit 2015 net ëmmer déi verlaangten Unzuel u FoCo-Stonne gelescht hunn, ginn avancéiere gelooss, esoubal si déi feelend Stonnen nogeholl hunn. **De Compteur vun de Referenzperiode kann an der Applikatioun [eFormation](#) consultéiert ginn.**

Och wann et vill ze laang gedauert huet, sou begrëisse mir natierlech, dass déi **laangjäreg Fuerderung vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP domat elo eent zu eent ëmgesat** gëtt, an zwar **och retroaktiv** ! Dat bedeit, dass Enseignanten, déi säit Oktober 2020 an hirer Karriär eng Zäit laang blockéiert waren, oder et haut nach sinn, **déi verlueren Avancementer nobezuelt** kréien, natierlech ënnert der Viraussetzung, dass si déi laut ACT72 noutwendeg Unzuel u FoCo-Stonnen zum Zäitpunkt vun hirem Avancement opweises haten.

Och wa bis ewell ausschliisslech Enseignanten, déi virum 1. Oktober 2015 agestellt goufen, an hirer Karriär blockéiert waren, esou wäerten déi nei Krittären och fir déi Kolleeginnen a Kolleege gëllen, **déi nom 30. September 2015 als Enseignant am Staatsdénsgscht ugefaangen hunn**. Och fir si gëllt ab elo, dass nëmmen nach déi Unzuel u FoCo-Stonnen, déi laut ACT72 ze leeschte sinn, fir den Avancement an hirer Karriär (no 12 an no 20 Joer ab dem Datum vun hirer Nominatioun) ausschlaggebend sinn, an net méi de Seuil vun 12 Deeg (72 Stonne) respektiv 30 Deeg (180 Stonnen), deen aktuell nach am Traitementsgesetz vermierkt ass.

- **Iwwerstonnen**

An eisem Communiqué vum [30. November 2022](#) hate mir op déi enorm héich Unzuel un Iwwerstonnen opmierksam gemaach, déi opgrond vun der chronescher Penurie un Enseignantë Woch fir Woch musse gelescht ginn. **Déi ronn 10.000 Iwwerstone pro Woch entsprechen dem Equivalent vu knapp 500 (!) ganzen Tâchen**. An deem Kontext hate mir och nach eng Kéier déi **ganz schlecht Bezuelung vun dësen Iwwerstone** kritiséiert, déi sech haaptsächlech doraus ergëtt, dass säit der Stolkris 1981 bei der Berechnung vun der Indemnitéit fir eng Iwwerstonn e **reduzéierende Facteur 36/52** applizéiert gëtt.

An engem [Interview um Radio 100,7](#) vum 13. Dezember 2022 huet de Chef de cabinet vum Educatiounsminister erkläert, dass Iwwerstonnen am Secondaire « *normal* » wäeren an eben « *einfach dozou gehéiere* » géifen. **Eiser Usiicht no drängt sech dann awer d’Fro op, firwat déi geleeschten Iwwerstonnen net och wéinstens, ewéi scho laang vun eis gefuerdert, « *normal* » bezuelt ginn, an net, wéi aktuell de Fall, vill méi schlecht ewéi regulär Schoulstonnen !**

Vläicht kréien d’Enseignantë jo heiroop eng Äntwert, wann de Minister bis op déi zwou Questions parlementaires reagéiert huet, déi zwee Deputéiert op Basis vun eisem Communiqué vum [30. November 2022](#) un hie geriicht haten:

[Question parlementaire Sven Clement \(Piraten\)](#)

[Question parlementaire Martine Hansen \(CSV\)](#)

Fir d’FÉDUSE/Enseignement-CGFP steet jiddefalls ausser Fro, dass kee Wee laanscht eng dättelech Opwärtung vun der Bezuelung vun den Iwwerstonne féiert. **D’Enseignanten sinn net weiderhin dozou bereet, Woch fir Woch fir déi mësslonge Rekrutementspolitik vun de leschte Jorzéngte riicht ze stoen, ouni dofir ugemiesse bezuelt ze ginn!**

Am selwechte [Radiosinterview](#) huet de Chef de cabinet vum Minister och gesot, dass **Iwwerstonne bei Deelzäitarbecht verbuede** wäeren. D’FÉDUSE/Enseignement-CGFP begréisst dës kloer Ausso, well domat endlech eiser laangjäreger Fuerderung nokomm gëtt, dass Enseignanten, déi Deelzäit schaffen, net zu Iwwerstonne sollte kënne verflucht ginn. Leider gouf sech an der Vergaangenheet net ëmmer an iwwerall un dëse Prinzip gehalen.

- **Mobilitéit vun den Employéén**

Während d’Employéén no hirer Periode d’initiation an deenen allermeeschte Fäll d’office an deem Lycée bleiwen, an deem si hire CDI ënnerschriwwen hunn, ginn d’Kolleeginnen a Kollege Fonctionnairen no hirem Stage op ee vun den oppene Posten uechtert d’Land affektéiert. An eisem Communiqué vum [10. Juli 2022](#) hate mir gefuerdert, dësem **ongerechten an inkoherente Modus Operandi** esou séier ewéi méiglech een Enn ze setzen !

An enger Reunioun mat Verrieder vum Educatiounsminister hate mir am Juli 2022 dofir éischt konkret Virschléi gemaach, wéi een d’Mutatiouns- an Affektatiounsprozedur an Zukunft méi gerecht kéint gestalten, nämlech andeems och d’Employéén heiran integréiert ginn. Beim Besetze vun de Poste soll de **Fonctionnairen eng erhéichte Prioritéitzougestane** ginn, mam Zil, den **Examen-Concours** an domat de **Rekrutement ënnert dem Statut vum Fonctionnaire erëm méi attraktiv ze gestalten !**

An enger Reunioun um MENJE Ufank Dezember 2022 gouf dëse Punkt nach eng Kéier op de Leescht geholl. Mir haten heibäi den Androck, dass déi Verantwortlech prinzipiell duerchaus bereet sinn, d'Employéen an Zukunft an d'Affektatiouns-/Mutatiounsprozedur anzubannen, an dass d'Problemer virun allem nach bei der informatescher Ëmsetzbarkeit leien. Fir de kommende Mount si weider Gespréicher zu dësem Sujet geplangt. An dësem Dossier wäerte mir jiddefalls weiderhin drop drängen, esou séier wéi méiglech Neel mat Käpp ze maachen an esou **fir e méi gerechte Kënnerchersmaart ze suergen** !

- **Matricule continue**

An eise Communiqué vum [10. Juli 2022](#) hate mir kritiséiert, dass duerch d'Afféiere vun der ominéiser Matricule continue den **administrativen Opwand fir d'Enseignanten am Secondaire weider eropgaangen** ass. Während de Prinzip vun enger Matricule continue beim Semester-System duerchaus sënnvoll ka sinn, sou verléiert dësen Outil beim Trimester-System eiser Usicht no seng Dosinnsberechtigung. Ofgesinn dovun hu mir drop higewisen, dass d'**Matricule continue bis ewell weder ausgeräift, nach benutzerfrëndlech** ass.

Säitens deene Verantwortleche vum MENJE gouf eis allerdéngs matgedeelt, dass d'Matricule continue onbedéngt soll bäibehale ginn, well dës et géif erméiglechen, den Elteren e kontinuéierlechen Iwwerbléck iwwert déi schoulesch Leeschtunge vun hire Kanner ze ginn. D'FÉDUSE/Enseignement-CGFP ass der Usicht, dass **interesséiert Eltere souwisou zu all Moment iwwert d'Notte vun hire Kanner Bescheid wëssen**, schliisslech müssen si hir Prüfunge ënnerschreiwien !

Falls d'Matricule continue tatsächlech mordicus soll bäibehale ginn, da fuerdere mir, dass se **grëndlech iwwerschafft** gëtt ! Mir hunn heifir eis Ënnerstëtzung ugebueden a wäerte konkret Verbesserungsvirschléi ausschaffen, mam Zil, d'Matricule continue **beschtméiglechst mam Fichier élèves ze synchroniséieren**, an esou ze verhënneren, dass d'Enseignanten d'Notten, d'Conduite an d'Applikatioun vun honnerte Schüler all Kéier duebel müssen androen.

**** Falls och Dir konkret Iddien a Virschléi hutt, wéi een d'Matricule continue verbessere kéint, da kënnt Dir eis dës iwwert dee folgende Link matdeelen:*

[Är Virschléi zur Matricule continue](#)

*Villmools Merci am Virus fir Är Mataarbecht ! ****

Mat beschte Gréiss,
De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP